LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°8295 du 8 septembre 2023 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Marc Spautz au sujet des conséquences de la restructuration de Goodyear**

Goodyear huet den Ofbau vu 55 Aarbechtsplazen a sengem Fuerschungszentrum ugekënnegt. Eng éischt Informatiounsversammlung mat der Delegatioun huet stattfonnt an et gëtt no Léisunge wéi d'Erhale vun der Beschäftegung, intern Ëmklasséierungen, fräiwëlleg Departen an e Fréipensiounsprogramm gesicht. Et leien aktuell keng Informatioune vir dass doriwwer eraus weider Aarbechtsplaze bei Goodyear géifen ofgebaut ginn.

Dat aktuellt europäescht an internationaalt wirtschaftlecht Ëmfeld, mat héijer Inflatioun, héijen Energiepräisser a schwaachem Wuesstem, ass eng grouss Erausfuerderung fir d'Betriber a schränkt d'Previsibilitéit an. De Wirtschaftsministère ass zouversiichtlech dass Goodyear och weiderhin eng staark Presenz zu Lëtzebuerg wäert hunn. De Lëtzebuerger Site vun der Firma ass staark innovatiounsgedriwwen an e wichtege Standuert fir de Grupp, ee vun deene wichtegsten ausserhalb vun den USA, an domat dierft eng gewësse Stabilitéit vun den Aktivitéiten zu Lëtzebuerg gi sinn. Et sief och drun erënnert dass Goodyear weider zu Lëtzebuerg investéiert huet a réischt d'lescht Joer am Mee zu Diddeleng eng nei héich modern an automatiséiert Pneuefabrick ageweit gouf.

Déi lescht Jore war den Industriestanduert Europa a Lëtzebuerg mat Krise konfrontéiert wéi et scho laang keng méi gi sinn. D'Regierung huet Entschlossenheet, Reaktivitéit a Flexibilitéit bewise fir d'Betriber mat de néidege Mesuren ze begleeden an ze ënnerstëtzen, an esou och den Emploi ze schützen. Souwuel an der Pandemie wéi an der Energiekris sinn a Rekordzäit néi Aiden decidéiert, ëmgesat an un d'Entreprisen ausbezuelt gi fir hinnen ze erméiglechen operationell ze bleiwen. Dëst huet derzou bäigedroen dass Lëtzebuerg gutt duerch déi lescht Jore komm ass an d'Industrie weiderhin ee wichtege Pilier vun der Wirtschaft ass.

Mëttelfristeg huet de Wirtschaftsministère mat der Feuille de Route „Ons Wirtschaft vu muer" de Grondstee geluecht fir den Industriestanduert fit ze maache fir d'Zukunft. An och méi laangfristeg gëtt am Kader vum „Haut Comité pour l'Industrie" zesumme mat Vertrieder vun der Industrie eng Strategie fir d'Dekarboniséierung vun der Industrie zu Lëtzebuerg ausgeschafft. D'Entreprisë ginn also ënnert anerem bei der Ëmsetzung vun der Digitaliséierung an der Nohaltegkeet begleet, dëst am Kader vun der duebeler Transitioun. Esou kennen d'Betriber déi néideg Kompetenzen an Technologien opbauen an entwéckele fir kompetitiv ze bléiwen. Fir néi Entreprisen déi sech zu Lëtzebuerg wëllen usidele gëtt d'Kompatibilitéit mam Ekosystem gekuckt an och a wéi wäit hier Technologien an hire Know-How zukunftsträchteg sinn.

Luxembourg, le 23/10/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot